

Lëtzebuerg, de 24. Januar 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturministesch weiderzeleeden:

*„Virun e puer Woche stoung an der geschriwwener Press ze liesen, datt och den Tuerm vun deene méi rezente Gebaier (1930er Joren, Bauhausstil mat authentischem Interieur) vun der aler Dikrecher Brauerei deem geplangten Immobiliëprojet soll Plaz maachen. Dëst soll op eng Expertise hin, déi d'Baufällegkeet vun dësem Tuerm beleë soll, zeréckgefouert ginn.*

*Rezent gouf Kritik zu dësen Iwwerleeunge säitens der Zivilgesellschaft geäussert. Virun allem well opgrond vun der Lëscht vun de klasséierte Gebaier vum Service des Sites et Monuments nationaux sämtlech Gebaier vun der Parzell, op där och dëst Gebai steet, um sou genannten "inventaire supplémentaire" agedroe sinn ("Les immeubles sis 1, rue de la Brasserie, inscrits au cadastre de la Ville de Diekirch, section A de Diekirch, sous le numéro 1305/8198. - Arrêté ministériel du 17 octobre 2011.") D'Gebaier mam Tuerm stinn also net nëmmen ënner Denkmalschutz, mä erfëllen och eng etlech Krittären, déi fir eng Protektioun schwätzen.*

*An dësem Kontext wollt ech folgend Froe stellen:*

- 1. Firwat däerfen dës Gebaier elo awer ofgerappt ginn? A wat fir engem Mooss sinn se baufälleg? Wéi ass dës Entscheidung am Detail begrënnt ginn?*
- 2. Nom Brand an der fréierer Zockerfabrick am Abrëll 2021 ass um betraffene Site anscheinend nach näischt geschitt. Konnt d'Brandursaach méttlerweil gekläert ginn? Wat soll elo mat dësem geschützte Gebai geschéien? Goufen an*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

*Tëschenzäit Sécherheetsmoosname beschloss fir  
d'Bausubstanz virum schlechte Wieder ze schützen (z.B.  
d'Mauerkroune mat Baatschen ofdecken)? “*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER  
Deputéierten